SEDW
SYNDICAT D'INITIATIVE
EICH-DOMMELDANGE-WEIMERSKIRCH

Dummeldeng, de 4. September 2017

Geéierten Här Patrick Gillen,
President vum «Fonds de Kirchberg»

Betr.: Pestizidfräie Kuebebierg

Nach emol villmools Merci Iech, Här Gillen an Äre Mataarbechter fir dee léiwen Empfang vum 14. Februar 2017 mat deene villen Informatiounen iwwert d'Zoukonft vum Kuebebierg.

No dem grousse Camp vun de Scouten um Kuebebierg, deen e grousse Succès war ass d'Normalitéit do erëm agetratt.

D'Awunner an d'Jogger benotzen d'Weer nees fir hire Spadséiergang a Sport ze bedreiwen. An der Reunioun vum 14. Februar hate mir Iech, an Är Mataarbechter informéiert iwwert den Asaz vun Pestiziden, déi op d'Felder gestreet ginn. Dëst ass eng Gefor fir d'Gesondheet vun allen Awunner um Kuebebierg.

De «Fonds de Kirchberg», dee géint den Asaz vu Pestiziden ass, soll bei alle Benotzer vun de Felder intervenéieren an hinne verbidden dëst Gëft op d'Felder ze steeën. D'Stad Lëtzebuerg ass och géint Pestiziden a benotzt keng méi.

Wann d'Pläng vun der Bebauung um Kierchbierg fäerdeg sinn, wäre mir frou fir d'Awunner vun Eech, Dummeldeng a Weimeschkierch iwwert dëse grousse Projet an enger vun onse nächsten Generalversammlungen informéieren ze kënnen.

An der Hoffnung, dass ons Awunner a Sportler ouni gesondheetlech Gefor de schéine Kuebebierg kënne benotzen, soe mir Iech, Här Gillen, am viraus villmools Merci a verbleiwe mat deene beschte Gréiss.

Pit Ludwig
President vum Syndikat
Eech, Dummeldeng a Weimeschkierch